adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
01 AVR. 2016
1972

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

D'Aarbechtsrecht gesäit vir, datt z.B. am Fall vu Scholden en Deel vun der Pai ka saiséiert ginn. Fir datt de Salarié awer „liewe" kann, kann een Deel vum Salaire net saiséiert ginn.

Esou ass déi 1. Tranche bis 550 Euro immuniséiert. Vun 550 bis 850 Euro kënnen 10% zeréck behale ginn, vun 850 bis 1.050 Euro sinn et 20%, vun 1.050 Euro bis 1.750 Euro sinn et 25%, an iwwert 1.750 Euro kann alles saiséiert ginn. Dës Beträg gi vun der Nettopai aus gerechent. Am Fall vun enger Cessioun (z.B. op d'Schold vum Haus) leien dës Prozentsätz sinn nach méi héich.

Esou bleift engem Salarié, egal wéi héich seng Nettopai ass, e Maximum vun 1.505 Euro fir ze liewen am Fall vun der Saisie, oder nëmmen 1.260 Euro am Fall vun der Cessioun, dëst also manner wéi den RMG oder dem Seuil vun der Aarmut!

Trotz der Inflatioun an der Explosioun vun de Präisser um Wunnengsmaart sinn dës Beträg respektiv Prozentsätz zanter 2002 net méi ugepasst ginn.

Am Géigesaz z.B. vum RMG gëtt bei der Saisie oder der Cessioun d'Situatioun vun der Famill respektiv der Zesummestellung vum Stot net berücksichtegt.

Et ass och ze bedenken, datt den Nettobetrag deen un de Salarié iwwerwise gëtt ëmmer deeselwechte bleift, och wann dësen z.B. vun Iwwerstonnen oder Prime kéint benefisséieren.

Duerzou wéilt ech dem Här Justizminister dës Froe stellen:

1) *Ass et virgesinn, kuerzfristeg d'Beträg déi net saiséiert kënne ginn der Inflatioun an der Situatioun um Wunnengsmaart unzepassen?*
2) *Ass et virgesinn, nach an dëser Legislatur, eng Reform vum Gesetz iwwert d'Saisien an d'Cessiounen op de Wee ze bréngen?*
3) *Deelt de Minister d'Meenung, datt d'Situatioun vun der Famill respektiv der Zesummestellung vum Stot muss beim Barème betruecht ginn?*
4) *Soll bei enger Reform vum Gesetz de Riichter net d'Méiglechkeet kréien, e feste Betrag als Saisie festzeleeën, esou datt de Salarié seng Situatioun z.B. iwwert Iwwerstonne kéint verbesseren?*

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 22 avril 2016
Réf. N° QP-20/16

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le
22 AVR. 2016

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°1972 du 1er avril 2016 de l'honorable Député Gast Gibéryen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréez, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Félix Braz
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84533
Fax (+352) 26 68 28 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Réponse du Ministre de la Justice à la question parlementaire n° 1972 du 1er avril 2016 de l'honorable Député Gast Gibéryen

Ob d'parlamentaresch Fro vum Herr Députéierten Gast Gibéryen, déi sech op d'Saisies vun der Pal bezitt, kann den Herr Justizminister folgend Informatiounen matdeelen:

D'Regierung wäert an den nächsten Wochen en Avant-Projet de règlement grand-ducal am Regierungsrot virstellen, den eng Adaptatioun vun den Tranchen déi am Reglement grand-ducal vun 2002[1] virgesinn sinn proposéiert. Désen Avant-Projet gesäit vir dat d'Tranchen ugepasst ginn, an dat gemeess der *Cote d'application de l'échelle mobile des salaires* vum 1. Oktober 2013, déi aktuell bei 775.17 Punkten (*nombre indice applicable*) lei.t. Domat dréit d'Regierung och der Inflatioun zénter 2002 an der Situatioun um Wunnengsmaart Rechnung.

D'Zesummenstellung vum Stot an d'Situatioun von der Famill sinn wichteg Facteure an missten am Kader vun der Berechnung vun den Saisies an den Cessiounen och mat verschafft ginn. Dat ass awer am Kontext vum Gesetz vum 11. November 1970[2], dat applicabel ass, nett méiglech. Des Problematik ass bekannt an dofir ass an deem Sënn e Gesetzesprojet n°4955[3] déposéiert ginn, den virgesäit dat Gesetz vum 11. November 1970 ëmzeänneren, an den dem Débiteur e Minimum fir ze liewen soll garantéieren, awer och dem Créancier d'Méiglechkeet soll ginn seng Suen erëmzekréien.

D'Regierung envisagéiert den bestoenden Gesetzesprojet n°4955 an dëser Legislaturperiod nach eng Kéier ze iwwerschaffen an ze adaptéieren. Et ass net virgesinn, wéi den Herr Deputéierten Gast Gibéryen dat proposéiert, dem Richter d'Entscheedung ze iwwerlossen den Montant vun der Saisie festzeleeën. D'Tauxen vun den Saisien an Cessiounen sollen am Gesetz festgehalen ginn, an d'Tranchen sollen iwwer Reglement grand-ducal adaptéiert ginn, wat am Sënn vun der Gläichheet vun alle Bierger virum Gesetz ass.

---

[1] Règlement grand-ducal du 26 juin 2002 fixant les taux de cessibilité et de saisissabilité des rémunérations de travail, pensions et rentes.

[2] Loi modifiée du 11 novembre 1970 sur les cessions et saisies des rémunérations de travail ainsi que des pensions et rentes.

[3] Projet de loi n°4955 portant modification de la loi modifiée du 11 novembre 1970 sur les cessions et saisies des rémunérations de travail ainsi que les pensions et rentes; de la loi modifiée du 26 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti ; de la loi modifiée du 24 décembre 1990 sur la préretraite ; de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour des raisons familiales ; de la loi modifiée du 1er août 1988 portant création d'une allocation d'éducation ; du Code des Assurances Sociales ; de la loi du 11 janvier 1995 portant réorganisation des écoles publiques et privées d'infirmières et réglementant la collaboration entre le ministère de l'Education Nationale et le ministère de la Santé ; du Nouveau Code de Procédure Civile.

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84037
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu